# DU BASS NET ALLENG!



Vum 4. bis den 12. Juli huet d'Gemeng Suessem seng Solidaritéit mat der LGBTIQ+ (lesbesch, gay, bisexuell, trans*, intersex, queer an all aner Forme vu sexueller Orientéierung) Gemeinschaft wärend der Luxembourg Pride Week 2020 gewisen.

Andeems d'Gemengebai nuets an de Reeboufuarwe beliicht (cf Coverfoto) an de Pride Fändel opgehaange ginn ass, sollt dës stuark Symbolik als Ënnerstëtzung verstaane ginn.

Jidderee soll kënnen oppen a fräi liewen an a sengen Decisioune respektéiert ginn. Fir all déi, déi d'Gefill hunn net akzeptéiert ze ginn, soe mär : Du bass net alleng ! Mär si fir Dech do !

# DÉCOUVRONS ENSEMBLE LA COMMUNE DE SANEM

Depuis le 1er mars 2019, la Commission consultative de l'intégration a organisé chaque 2e dimanche à 10 heures une agréable promenade d'environ 2 heures avec départ devant la mairie à Belvaux. Ces promenades ont dû être annulées temporairement à cause du COVID.



Toutefois, à partir du dimanche 11 octobre 2020, ces promenades ont repris, ceci toutes les 2 semaines, à 10 heures pour environ 2 heures à travers les quatre coins de la commune. Tous les détails sont repris dans un flyer distribué à tous les ménages.

Les lois et mesures en vigueur dans le cadre de la pandémie COVID-19 et les gestes barrières indispensables seront respectés. N'oubliez pas vos chaussures de marche !

# NOHALTEG GEMENG SUESSEM



Am Kader vun der « Zero waste » Politik vun eiser Gemeng huet all Schoulkand fir dës Rentrée ee flotte Bidong aus Edelstol geschenkt kritt. Déi nächst Schouljoere kritt dann den C1 weider dëse flotte Kado.


Donieft investéiert d'Gemeng och a Waasserspender fir eis Schoulen (Wäert vun 30.000€), fir déi verschidden SEAen (Service d'éducation et d'accueil = Maison Relais) fir 75.000€ a fir an eis Sportinfrastrukturen (Wäert vu 45.000€), fir dass een och iwwerall mam Bidong ënnert de Krunn kënnt. Op dës Manéier kënnen eis Bierger de Gebrauch vu Plastik vermeiden an hunn dann och d'Méiglechkeet eist frëscht Krunnewaasser ze drénken.

# LA RUBRIQUE « GUSTOSO »



Depuis février 2019, les membres de la Commission consultative de l'intégration avec les réfugiés de notre commune vous présentent leur pays d'origine à travers leur cuisine traditionnelle dans les éditions de la publication communale « Kuerz & Knapp ». Sous peu, un livre recueillant toutes ces recettes internationales sera publié.

# VERSCHÉINERUNG VUN EISER GEMENG





Eis Gemengegäertner ginn ëmmer méi kreativ a loossen sech eppes afale fir eis Gemeng méi attraktiv ze gestalten. Hei ass d'Beispill vun der Place de l'indépendance (ale Basketsterrain) zu Zolwer an der Entrée vum Gemengegebai.





© Fotoen: Gemeng Suessem, Val WAGNER, Claude PISCITELLI & CSV Gemeng Suessem

November 2020

# OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV SUESSEM

CSV

## D'CSV FRAKTION AM SUESSEMER GEMENGEROT



**NATHALIE MORGENTHALER**
Schäffin



**MIKE LORANG**
Schäffen



**GASTON ANEN**
Gemengerot



**FRANCA ROMEO**
Gemengeréitin



**ANNE LOGELIN**
Gemengeréitin

# VERBESSERT A VERSTÄERKTEN ËNNERSTËTZUNG VUN EISE SCHÜLER A STUDENTEN (W/M)

Eng Ännerung vun eisem Schoulsubsidiereglement wuar aus e puer Ursaachen noutwendeg ginn. An der Praxis ass opgefall, dass am ale Reglement nach vill Fäll net berücksichtegt wuaren, ë.a. och doduerch bedingt, dass zënter 2012 vill Ännerungen am Schoul- an Uniwiesen opkomm sinn (ë.a. keng Zensure méi, keng Punkten, net all Joer en Diplom, asw...).

Elo ass eng Limite vu 7 Prime de mérite fir de Secondaire agefouert ginn an d'Restriktioun betreffend Schüler, déi redoubléiert hunn, ass gestrach ginn. Nei ass also elo, dass e Redou-



blant, dee säi Joer an engem 2. Ulaf packt, och elo eng Prime ka kréien.

Ausserdeem gëtt fir de Calcul vun der Prime och d'Notioun vum Prorata zu der Dauer, déi een an der Gemeng gewunnt huet, agefouert.

Virdrunn hunn nëmme Studenten, déi e Master oder e Bachelor Diplom haten eng Prime kritt, elo sinn d'Bac +1 a Bac +2 och integréiert ginn.

Am Budget 2020 stinn 215.000€ fir eis Schüler-Innen a StudentInnen z'ënnerstëtzten.

# HËLLEF FIR EIS VERÄINER & COMMERCEN

Als Gemeng wollte mär eise Veräiner ënnert d'Äerm gräifen, well gewosst wuar, dass si vill vun hiren Aktivitéiten duerch déi aussergewéinlech COVID-19 Situatioun net konnten durchzéien an doduerch finanziell Abousse kannt hunn.

Dofir huet de Schäfferot d'Initiativ ergraff, fir de Budget vum ausgefallenen Nationalfeierdag vu ronn 53.500€ op eis Veräiner opzedeelen. All Veräin huet 1/3 vun der Moyenne vu sengem Subsid aus den 3 leschte Joer kritt.

Mat dëser Ënnerstëtzung hu mär 2 Mécke mat engem Schlag gemat, well d'Veräiner mussen dës finanziell Sprëtz innerhalb vun engem Joer an engem oder méi Buttéker/Commercen aus eiser Gemeng aléisen.

# ENTWEIHUNG METZERLACHER KIERCH

Fir eis alleguer ass d'Trennung vu Kierch a Staat, déi am Januar 2015 vu verschiddene Glaawensgemeinschaften an der Regierung festgehale ginn ass, een neien Ament. Dës erméiglecht et, Kierchen an de Kierchefong ze ginn oder a Gemengenhand ze halen.

Am Gemengerot ass decidéiert ginn, an dat op Wonsch vun de jeweilege Kierchefabriken, dass 4 Kierchen, d.h. eng an all Uertschaft, an de Fong eriwwerginn an d'Metzerlacher Kierch, déi der Gemeng jo gehéiert, wat unhand vu juristeschen Avisen net méi vun der Hand ze weisen ass, géif a Gemengenhand bleiwen.

De Standpunkt vun der CSV wuar, d'Kierch am Metzerlach der Puar ze loossen, esoulaang si se wéilte benotzen. An eisem Wahlprogramm vun 2017 stung: „eine nicht desakralisierte Kirche in Gemeindehand behalten".

Während an no de Wahle vun 2017 huet sech gewisen, dass d'Majoritéit vun de Parteien, ausser der CSV, wollten, dass d'Metzerlacher Kierch soll entweiht ginn.

Et wuar kloer, dass et majoritär net méiglech wuar zu engem aneren Accord ze kommen ewéi der Entweihung zouzestëmmen.
Bei de Koalitiounsverhandlungen wuar dat och ee wichtege Punkt, dee mat der LSAP huet misste verhandelt ginn, well si aus dëser Kierch « ein Zentrum für nicht-konfessionnelle Zeremonien und Veranstaltungen » wollte maachen, also de Géigendeel vun deem, wat haut an der Kierch ass.

Mär hunn, als CSV, dunn der Decisioun vun der Entweihung zougestëmmt, awer mat der Konditioun, dass d'Gebai (wat jo da keng Kierch méi ass) vun alle Leit, respektiv Associatiounen ënnert deene selwechte Bedingungen, an dat ouni Restriktioun, ka benotzt ginn – also och beispillsweis vun der Puar an dat och fir konfessionell Zeremonie, wa si et wënschen.

Et soll keng Exklusioun gi wann et drëms geet, z.B. Zeremonien ze feieren, déi verschidden Etappen am Liewe vun engem Mënsch ervirhiewen.

Et ass och kloer festgehale ginn, dass an der Kierch ausser Zeremonien, och nach weider Konzerten (wat jo och haut schonn de Fall ass), Ausstellungen an Ähnleches däerfe stattfannen. Et wäert op alle Fall drop opgepasst ginn, dass de Kader weider respektvoll benotzt gëtt.


D'CSV huet am Virfeld vun dëser Decisioun dacks Récksprooch mam Bistum geholl, sech och do informéiert, sutz e puer Mol mat de Vertrieder vun de Kierchefabriken an zumools der Metzerlacher Oeuvres paroissiales zesummen an och als Schäfferot hu mär eis e puer Mol mat hinne getraff.

An deene Reuniounen ass och gepréift ginn, ob eng raimlech Trennung vun der Metzerlacher Kierch méiglech wär, deemno och eng Deelentweihung. All Virschléi sinn awer aus architektonesche Grënn a well dat kathoulescht Kierchereicht dat leider net erlaabt, verworf ginn.

Nodeems d'Oeuvres paroissiales Metzerlach eis viru kuerzem hir comptabel Dokumenter eraginn huet, kann elo gepréift ginn, wat reell vu Kierchesäit an d'Gebai gestach ginn ass an dann hätt een eng gutt Verhandlungsbasis, well am Koalitiounsaccord steet och, mär géifen als Gemeng « ggf die Metzerlacher Kirchenfabrik entschädigen ».

Mär kënnen als CSV also rouege Gewëssens soen, dass mär alles gemaach hunn, ganz aktiv no der beschtméiglechster Léisung gesicht hunn an domat eppes fir sämtlech Bierger aus eiser Gemeng erausgeschloen hunn.

# FÖRDERUNG DES HOMEOFFICE



Unsere Gemeinde hat das Homeoffice für verschiedene Beamte schon seit geraumer Zeit eingeführt und damit auf Gemeindeebene eine Vorreiterrolle eingenommen.

Wer hätte nun gedacht, dass die Entscheidung, Beamten das Homeoffice anzubieten, uns geholfen hat, im März dieses Jahres trotz Corona Krise den Dienst am Bürger so gut aufrechtzuerhalten?

Mitte März 2020 hatte der Schöffenrat beschlossen, die Gemeinde nur noch nach Terminvereinbarung zu öffnen und somit das Risiko einer Ansteckung von Personal und Bürgern zu minimieren. Zu diesem Zeitpunkt wurde auch beschlossen, dass massiv auf das Homeoffice zurückgegriffen werde.

Somit wurde in kürzester Zeit alles in die Wege geleitet, dass alle Beamten der Gemeinde, deren Arbeit dieses auch zulässt, diese im Homeoffice verüben konnten.

Nach einer ersten Bilanz haben wir fast ausschließlich positive Erfahrungen mitgeteilt bekommen: weniger Stress auf dem Weg zur Arbeit, flexible Arbeitseinteilung...

Daher werden wir auch weiterhin den Weg gehen, das Homeoffice so auszubauen, dass unsere Beamten eine gute Vereinbarung von Beruf und Privatleben erzielen können und den Bürgern weiterhin den bestmöglichen Dienst angeboten wird und dies auch unabhängig von einer Pandemie.


# MÄR INVESTÉIEREN AN EIS KANNER



Op e sëlleche Plazen huet d'Gemeng Spillplazen erneiert an esouguer ganz neier opgeriicht.



Op de Fotoe sinn de Gaalgebierg zu Bieles, de Scheierhaff an den Tippewee zu Zolwer (Kloterwänn) ze gesinn.



# WELTFRAENDAG 2020



Kuerz virum Lock-down hunn 8 Fraen aus verschiddene Beräicher hir Perspektiven zum Thema #YES ! WOMEN CAN – Typesch Männer- a Fraeberuffer, Klischee oder Realitéit ? duergeluet. Folgend Beruffer wuare vertrueden : Chef-Inspektesch bei der Police, Giischtjen, Pompjee, Architektin, Bauerefra, Bauingenieur a Fuerscherin.

Dës Fraen hunn dem Publikum erkläert, wéi si zu hirem Beruff koumen, wéi si sech an hirer Aarbechtswelt fillen, welch Virdeeler an awer och welch Problemer si begéinen. Si hu sech wärend méi wéi 90 Minutten de Froe vum Moderator a vum Publikum gestallt. Als Conclusioun vun deem Owend kann een eng Ausso vun enger Damm zitéieren : « Et gëtt e falscht Bild vermëttelt. Dat muss ukommen an der Gesellschaft. Mir musse weisen, dass béid Geschlechter d'Aarbechten hikréien. »